Altwis, de 5. Januar 1990

# Demissioun

Gérard, (oder muss en : Här President, soen ?)

1985 hu mir d' « Wiisser Leit » gegrënnt mat vill Idealismus, mat vill Illusiounen a mat ganz vill Begeeschterung. Haut, fënnef Joer méi spéit, hu mir en Deel vun eisen Ambitiounen erreecht.

- Mir hunn eist Duerf méi schéin a méi belieft gemat duerch eis Blummenaktiounen, Greeff-Kräizer, Fester, Theater, Trëppeltoureltier, Quiz an aner Organisatiounen.
- D'Leit am Duerf hunn sech besser kennegeléiert (am Gudden an am Schlechten och emol), 't gëtt vill méi ënnert de Leit geschwat.
- Mir hu versicht, d'Intersse vum Duerf ze vertrieden duerch verschidden Aktiounen : Zusummenaarbecht mat der Gemeng an de Ministèren, Affaire Feidt, neien Duerfkäer, ...
- Mir hu probéiert, an eisem Comité e Geescht ze schafen, fir gutt an éierlech zesummenzeschaffen, ouni perséinleche Profit a Virdeel erauszeklappen.
- Mir hunn et fäerdeg bruecht, dem Veräin e zolitte finanzielle Fong ze schafen, deen et erlaabt, mat grousser Zouversiicht an d'Zukunft ze kucken.

Mir hu ganz vill erreecht ; net alles, wat mer eis virgeholl haten.

Elo also, no fënnef Joer Aarbecht a Engagement, wëll ech fir mech perséinlech de Bilan zéien. Op et eis gelongen ass, sou wéi mir dat am Ufank, virun der Grënnung vun de Wiisser Leit gesot hunn, a fënnef Joer Leit vun eisem Geescht ze iwwerzeegen an e Grupp vu Leit erunzezéien, déi bereet sinn, déi ugefaangen Aarbecht weiderzeféieren, misst sech elo beweisen.

Ech sinn iwwerzeecht dervun, dass mir eisen Deel bäigedroen hunn an dass et un der Zäit ass, anerer, déi nei Ideeën a vläicht aner Virstellungen a weider Begeeschterung bréngen, och zum Zuch kommen ze loossen.

Ech fir mäin Deel bleiwen e gudden Supporter vun de Wiisser Leit, ech sinn och bereet, - wann et erwënscht ass a gewënscht gëtt – weider matzehëllefen, bausse vum Comité, an deene Grenzen, déi mir meng Famill, meng Gesondheet, mäi Beruff an de Spaass setzen, an an deem Geescht, dee mir bis elo bei de Wiisser Leit probéiert hunn durchzesetzen.

Wann de Comité domat averstan ass, géif ech nach gäer de Rapport vun dësem Joer der Generalversammlung virleeën, an duerno meng Demissioun ginn.

Alle Membre aus dem Comité wëll ech hei nach eng Kéier merci soen fir alles, wat mer zesumme geleescht hunn ; eenzelnen, déi mir als Sekretär bei menger Aarbecht gehollef hunn, e besonnesche Merci.

Dir, Gérard, soen ech nach eng Kéier villmools merci fir deng Aarbecht, däi fantasteschen Engagement a besonnesch fir déi ganz gutt Zesummenaarbecht an deene fënnef vergaangene Joer, fënnef Joer, fir déi et mir op kee Fall Leed deet, wann ech och eng Grimmel traureg sinn, dass mer eng Rei vun deenen Ideeën, déi mir fir ganz wichteg gehal hunn an och nach halen, net konnte realiséieren."

De Wiisser Leit wënschen ech op alle Fall nëmme Guddes, ech sinn iwwerzeecht, si bréngen och weiderhin vill zustanen am Interesse vum Duerf a senge Wiisser Leit.

Tremuth Fernand